ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. November 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nr. 2478 ass et mir an der Deelfro 3 net ëm e Patient ënner Tutelle gaangen (wéi an der Fro 4), mä ëm eng Situatioun, wou d'Ëmfeld vum Patient oder Fleegefall eng Verännerung vu sengem Wiesen, senger Perséinlechkeet oder senger Uspriechbarkeet feststellt an de Verdacht huet, datt dës Verännerungen op e medizineschen Traitement zeréckzeféiere sinn. Dat ass eppes, wat ee relativ dacks am Kontakt mat de Leit ze héiere kritt.

1. Wat fir Rechter a Méiglechkeeten huet d'Famill oder d'Ëmfeld vun engem Kranken oder engem Fleegefall am Kader vum Lëtzebuerger Patienteschutz, wa si gravéierend Perséinlechkeets- oder Verhalensännerunge feststellen, déi si op Medikamenter zeréckféieren? Dat besonnesch, wann déi Verännerungen dem Patient oder Fleegefall selwer net méi erlaben, bewosst ëm Informatiounen ze froen oder säin Averständnes fir deen Traitement zeréckzezéien?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten